N°3888
Entrée le 08.04.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 09.04.2026
Chambre des Députés

**Här Claude WISELER**
**President vun der Chamber**

**Lëtzebuerg, den 8. Abrëll 2026**

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Äech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet weider ze leeden.

Säit dem 1. Abrëll 2026 hu Fraen tëscht 45 a 65 Joer a Frankräich d'Méiglechkeet, eng präventiv Consultatioun iwwert d'Menopause bei engem Dokter unzefroen. Dës Consultatioun ziilt dorop, ee preventive Gesondheetsbilan opzestellen an op gesondheetlech Risiken ewéi Kriibs, Osteoporos a kardiovaskuläre Risiken anzegoen. Si gëtt zu 100 Prozent vun der franséischer Gesondheetskees iwwerholl.

An deem Kontext wollt ech follgend Froen un d'Madame Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet stellen:

- **Gedenkt d'Madame Ministesch, eng präventiv a gratis Consultatioun am Kader vun der Menopause och zu Lëtzebuerg unzebidden?**
- **Falls jo, a wéi engem Zäitraum sollt dës agefouert ginn?**
- **Wéi eng präventiv Mesure fir d'Verbesserung vun der Gesondheet vun de Fraen ginn nach ugeduecht?**

Här President, ech bieden Äech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Nathalie MORGENTHALER**
**Deputéiert**